# Scheckiwwerreechung

## Bosnesche Kulturzentrum Sloga Wooltz ënnerstëtzt d'Amicale aus der Geenzebléi



**Wolz.** Wéi schonn 2013 an 2017 huet de Kommitee vu Sloga Wooltz beschloss, den „Amis de la Maison de Retraite Wiltz“ en Don ze spenden. Am November huet de President Ferid Hodzid der Amicale eng Spend vun 1 000 Euro iwwerreecht. Sloga Wooltz mécht all Joer een Haalefussballturnéier an een Deel vun deene Sue gëtt all Joer fir e gudden Zweck gesammelt. De President vun der Amicale Jing Huet huet déi Spend mat engem grousse Merci am Numm vun der ganzer Amicale ugeholl, hinne garantéiert, dass all Sou géif de Bewunner aus der Geenzebléi zoukommen, fir hiren Alldag ze verschéineren.

*Jean-Paul Huet*
*via mywort*